"Amicale" vu Frënn, Elteren a fréiere Guiden a Scouten

Mir hu besser vu vireran dat Wuert "Amicale" eng Grimmel ze nuancéieren.

1. Eng reng Amicale

1.1 A ville Localitéite besteet nieft engem Guiden- a Scoutsgrupp och eng Amicale resp. Guilde vun denen "alen" oder "fréiere" Guiden a Scouten. Et misst een se eigentlech iwwerall do fannen, wou et scho laang Guiden oder Scoute gët.

1.2 Sou eng Amicale ka fir séng Memberen a fir de Grupp eng wiirklech gutt Saach sin - déi meescht Scouts- a Guidechalet-en am Land beweisen dat. Am gewéinlechen as den eegenen Aktivitéitsberäich geselleger Natur a gët mat der Zäit gär staark traditiounsgebonnen, wat wuel gutt ma och manner gutt ka sin.

1.3 Normalerweis stäipt eng Amicale de Grupp moralesch an der Öffentlechkeet an intervenéiert wann néideg bei Instanzen an Autoritéiten. Vun Zäit zu Zäit gët och e Geste finanzieller oder materieller Aart vis-à-vis vum Grupp gemaach. Ma soss gët am eegenen Dëppe gekacht ouni allzevill Kontakt mam Grupp.

1.4 Kontaktmangel a Vergreisung brénge mat sech, datt Chef/tainen an aner Gruppememberen, déi "a Pensioun gin", nët vill Iddi hun, an der Amicale anzeklammen. Besonnesch wa se vun do erbäi alt dacker béis kritiséiert goufen, well se an der Zäit nët bereet waren, Männercher ze baue mat Schnéi vun Anno Tubak.

2. En Eltere-Comité

2.1 Fir jénger Gruppe resp. nei gegrënnt Gruppen as et eng Chance, wann eng Rei Elteren a Sympathisanten sech zesummendin, fir dee jonke Veräin am richtege Sënn ze stäipen an ze begleden - z. B. als "Frënn vun de Cliärrefer Guiden a Scouten".

2.2 Wann eng "reng Amicale" zu éischt hiren eegenen Aktivitéitsberäich huet, méi oder wéineger getrennt vum aktive Gruppeliewen, dann as den "Eltere-Comité" ze soen direkt a jhust nëmmen un hire Grupp gekoppelt. Meescht zitt de Gruppechef mat méi oder wéineger Gescheck un de Ficellen, je no Aktivitéit, an d'Memberen hëllefe bei Adventsbazar, Chrëschtmaart, Kiirmes…, spillen Taxi fir Versammlungen, Weekend a Camp…, rafistoléieren ee Saal a sträichen un, zammere Kulissen a bitze Kleder fir den Theater, kachen um WiWël-Campéng, iwwerhuele Chargen als Materialverwalter, Caissier, Sekretär asw.- Gott sei Dank, datt et déi do Zort gët!

2.3 Datt et hei liicht zu Spannunge ka kommen, läit op der Hand, an dat nët nëmmen tëscht hinne selwer. Si sin altersméisseg a vum praktesche Liewen hir dene jonke Chef/tainë meescht e Stéck viraus, si hu gewéinlech eng perséinlech Usiicht resp. praktesch Erfarung a puncto Erzéiong… a séier verlagert sech hir gutt gemengt Hëllef op dat ägentlecht scoutspädagogescht Gebitt, dat jo awer de Chef/tainë virbehal as, firoch do hire Pefferkär bäizeleën.

2.4 Fir datt sou engem Eltere-Comité nët virzäiteg den Otem ausgeet, datt se nët op eemol résignéieren oder no an no engem ongesonden a souguer geféierlechen Aktivismus verfalen, muss ee Kapp oder e puer Käpp d'Suerg hun, datt fir hire Krees eleng Geleënheete geschafe gin, wou Gesellegkeet, Austausch a frëndschaftlech Bezéionge méiglech sin.

3. Eng oppen Amicale

3.1 Dorënner as e Groupement vun Erwuessenen ze verstoen, deen engersäits op as fir all fréier Guiden, Scouten a Chef/tainen (egal vu wou se hier sin) wéi och fir déi lokal aktiv Chef/tainen - ma all mussen se 21 Joer hun; anersäits kënnen och d'Elteren vu WiWël, AvEx, CaraPio, RaRo a Chef/tainen Member an dëser Amicale gin. Bei Aktivitéite bezitt eng Memberschaft sech selbstverständlech ëmmer op d'ganz Familljen.

3.2 Dodurch gët d'Hannerland méi grouss fir de Rekrutement a fir mat méi Gewiicht d'Iddië vum Scoutissem/Guidissem dobaussen ze verbreden an derfir anzestoen.

3.3 Well hei fréier Guiden a Scouten, zum Deel mat groe Bäert a wäissen Hoer, sech mat erwuessenen Nët-Scouten a -Guiden an Eltere begéinen, kann, zum Wuel vum Grupp, a fairem Austausch dene virdrun opgezielte Gefore besser Rechnung gedroe gin. Hei gët nët vun hannen erbäi bis op haut gekuckt a geduecht, ma vu haut an hei un zesummen no vir an déi selwecht Richtung. D'Vitalitéit vun enger gudder Guiden- a Scoutsamicale (nët ze verwiessele mat engem Supporterclub) gët vum Stellewäert hir bestëmmt, die séng Memberen dem Wuert "Déngschtbereetschaft" an hirem ganze Liewe gin.

3.4 D'Zesummenhalen an d'Animatioun an esou engem nët grad homogene Veräin as natiirlech nët ëmmer einfach. Do muss de Comité schon eng fest Equipe vu Frënn sin, déi den Dialog tëscht alle Memberen oprecht erhält.

4. Kontakt tëscht Amicale a Grupp

4.1 Jhust am Fall wou d'Amicale als Asbl dem Grupp e Chalet oder Home zur Verfügung stellt, muss en Accord ausgeschafft gin, fir dat Haus zu géréieren. Doriwer eraus sin se vun hire Statuten hir allebéid autonom.

4.2 Et as awer am Interesse vum Grupp an et läit an der Zilsetzung vun der Amicale, datt Kontaktméiglechkeeten tëscht béide bestin - eng Plattform wou déi eng déi aner mol kennenléieren. U sech as dat guer nët sou schwéier an enger oppener Amicale. E sëllechen deër Méiglechkeeten sin ënner 2.2 (Eltere-Comité) schon opgezielt.

4.3 Et as un der Amicale fir disponibel ze sin op villerlee Aart, och nach dann, wa mol eppes kuäsch leeft. Emgedréit däerfen déi Responsabel am Grupp awer nët mengen, déi "Al" wieren do fir… na ja!

4.4 Dofir as et onbedéngt néideg, datt de/d'Gruppechef/taine an den Haaptanimateur vun der Amicale sech vun Zäit zu Zäit ausschwätzen an engem offene Gespréich. Iwwer de Joresprogramm, deen ausgetoosch gët, gët ee vum anere gewuer, wat wou wéini geplangt as. Da fannen déi "Al" sech an um gemitlechen Elterenowend vum Grupp, an de Grupp as präsent wann d'Amicale Theater spillt.

4.5 Dës Beispiller loossen sech multiplizéieren. D'Haaptsaach as, et besteet d'Suerg fir géigesäitege Kontakt ze halen. An dat funktionéiert am beschten, soulaang wéi keen dem aneren a säin ureegene Krom eraschwätzt.

5. Aktivitéiten an enger oppener Amicale

5.1 Et musse vill a breetgefächert, zum Deel interessegebonnen Aktivitéiten ugebuede gin. Et wier nët schlecht, wa verschidden Aktivitéite sech zu enger Traditioun am gudde Sënn géngen entwéckelen. Graff gesi gët et 3 Menüe wou d'Membere sech souzesoen "à discrétion" regaléiere kënnen.

5.2 Aktivitéiten um Plang vu Kultur, Fräizäit a Gesellegkeet:

- selwer gudde Lëtzebuerger Theater spillen (wat engem Grupp eleng jo kaum méiglech as);

- zesummen e bestëmmt Theatersték oder e gudde Film kucke goen; an e Concert oder eng Konferenz (Ökologie, Erzéiong, reliéist Thema…) goen; e Musée besichen oder eng Ausstellung;

- e Fousstur; eemol e ganzen Dag en "Train- oder Auto-pédestre" "mit Kind und Kegel" an enger Pasta asciuta ënnerwee; Frellefëschen op engem Weier…

- all leschte Freideg am Mount eng Kelepartie; en interne Fuesowend; eng Generalversammlung mat Festiessen, wat de Comité kacht an servéiert a wou d'"Kälesau" geschluecht gët

5.3 Aktivitéiten um Plang vum Engagement /Déngschtbereetschaft:

- sech zur Verfügung stellen, wann de Grupp Hëllef brauch (cf. 2.2)

- Schaffaktivitéiten an a ronderëm Chalet, Home…

- Matmaache bei Pobeier- a Schrottsammlungen, wou den Erléis fir e konkrete Projet as: Grupp, Home, Entwécklungsprojet resp. Sozialaktioun heizuland…

5.4 Aktivitéiten zesumme mam Grupp

- am Wanter eng Visite am Staadter Musée, wou all Kand en Erwuessenen als Guide bei sech huet;

- Ouschtereër-sichen op engem flotten Trip mat de Wëllefcher op Ouschterméindeg nomëtteg;

- Rally fir Grouss a Kleng, wou vill WiWël an AvEx iwwer hir Elteren derbäi kënne sin.

6. Schlussbemierkungen

- Amicalë vu fréiere Scoute gi munechmol och "Gildë" genannt.

- Eng Amicale ka sech als Asbl (Association sans but lucratif) konstituéieren. D'Vir- an Nodeler grad ewéi d'Modalitéite stinn hei op engem anere Blat.

- E Modell vu Statute fir eng Amicale kann een am DZ froen.

- Et gët och eng national Federatioun vu Fréiere Lëtzebuerger Guiden a Scouten (F.L.G.S.). Si as un d'Weltorganisatioun "International Scout and Guide Fellowship" (ISGF) oder "Amitié Internationale Scoute et Guide" (AISG) ugeschloss. Informatiounen heiriwwer kritt een an eiser Zentral.